ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# De François Bausch fält alt nees aus der Roll

*Pressematdeelung vum 3. Juni 2019*

Dee baupsegen Toun, deen de François Bausch géintiwwer dem Deputéierte Jeff Engelen an enger Äntwert op eng sachlech parlamentaresch Fro iwwert en Tëschefall um Findel uschléit, schléit dem Faass de Buedem aus. Gewaltentrennung ass ee Grondprinzip vun enger demokratescher Gesellschaft. An domat deet de François Bausch sech net fir d'éischt schwéier. D'Demokratie schéngt fir d'Ministere vun där aktueller Koalitioun zu eppes schrecklech Lästegem ze ginn. Et ass nun eemol sou, datt déi vum Vollek gewielte Chamber do ass fir d'Regierung ze kontrolléieren, an datt d'Ministeren déi parlamentaresche Froe vun de Vertrieder vum Vollek musse beäntwerten, an zwar héiflech, pénktlech, komplett a korrekt.

Dat schéngt dës Regierung awer ëmmer manner ze wëllen. Dacks mengen hir Minister, d'Deputéierte missen ze kritiséieren oder si äntweren iwwerhaapt net, well eng Fro hinnen net passt. Gambia verfält an den Houfert, a mengt wuel, d'Regierung wär well do, fir d'Chamber ze kontrolléieren.

De Minister Bausch huet Elementer aus dem Jeff Engelen senger Fro confirméiert a bei aneren huet hie Präzisioune ginn. Säi süffisante Rot, den Deputéierte sollt sech informéieren, war iwwerflësseg, well grad d'parlamentaresch Fro aus deem Grond gestallt gi war. Och gëtt en Deputéierten, dee sech direkt un eng Administratioun adresséiert, méi wéi eemol un deen zoustännege Mnister verwisen. Et ass nun eemol esou, datt de Minister déi politesch Verantwortung dréit an dowéinst och muss kënnen Ried an Aentwert stoen.

D'ADR erënnert d'Membere vun der Regierung drun, datt si als zweete Pouvoir d'Parlament a seng Memberen, déi jo den éischte Pouvoir am Staat duerstellen, mat dem Respekt ze behandelen hunn, deen dee gudde Fonctionnement vun den demokrateschen Institutioune verlaangt.

D'ADR verlaangt dowéinst net nëmme korrekt Äntwerten op hir parlamentaresch Froen, mee och d'Anhale vun de konstitutionellen Dispositiounen, wat d'Ratifikatioun vun allen internationalen Instrumenter ugeet, déi d'Regierung ofschléisst. Et geet net, datt dës Regierung probéiert, laanscht d'Chamber ze regéieren.

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg

No sechs Joer Gambia vergësst dës Regierung ganz kloer deen demokratesche Geescht, dee si bei hirem Untrëtt 2013 nach wollt weisen.

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg